LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Finanzminister an vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 2193 vum 4. Abrëll 2025 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.**

D'Lëtzebuerger Regierung war net op dëst Treffen zu London invitéiert a war och net am Virfeld an dës Diskussiounen involvéiert.

Wat d'Finanzéierungsméiglechkeeten ugeet, ass Lëtzebuerg oppe fir effizient a séier ëmsetzbar Léisungen ze fanne fir d'Sécherheet vun Europa ze stäerken. Léisungen déi privat Investissementer unzéie sollen Deel vun dësem Effort sinn. Grondsätzlech begréisst Lëtzebuerg an dësem Kontext d'Initiative vun der Europäescher Kommissioun an der Europäescher Investitiounsbank.

Allgemeng wäert Lëtzebuerg senge Responsabilitéiten an dësem Kontext als Grënnungsmember vun der Europäescher Unioun an der NATO nokommen.

Lëtzebuerg, de 5. Mee 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN